# Par Parc Our Saint-Nicolas

## Ouschteren – Pâques




Foto: Jeannot Gillen – Altor Laaschent

Parbréif Nr 3/2025

12. Abrëll – 10. Juni 2025

# Fréijoorsconcert

VUAN DER VEINER MUSIK



SOLIST :

**MANUEL VIEHMANN**

SOLOTROMPETTIST BÉI DE
BIELEFELDER PHILHARMONIKER

## SONNDIG

## **13. ABRËLL 2025**

17H00

SALLE VIC. ABENS - VEINER SCHLOOSS

RESERVATIUNN: 834108-1 / CAISSE@CASTLE-VIANDEN.LU

ENTREESPRÉIS VUAM SCHLOOSS

# Matdeelungen

## *Parbüro – kuerz Notiz:*

Tëscht dem 4. Abrëll – 19. Abrëll 2025 an dem 26. Mee – 31. Mee 2025 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net oder nëmmen deelweis besat. Bei wichtegen Uleies kënnt Dir gär per Mail op parc-our@cathol-lu schreiwen. Mir beaarbechten Är Mail sou séier wei méiglech.

## *Basar vun de Fraen a Mammen Yolande vu Veianen*
*Sonndeg, den 13. Abrëll 2025 vun 11:30 Auer un*

D'Fraen a Mammen Yolande vu Veianen hunn nees op Pällemsonndeg, den 13. Abrëll 2025 hiren traditionelle Basar mat Mëttegiessen an Tombola an der Larei.

Den Erléis ass dëst Joer fir d'Wonschkutsch a fir „Memo Sénégal, mon école, mon avenir".

## *Fréijoersconcert zu Veianen um Schlass*
*Sonndeg, den 13. Abrëll 2025 um 17:00 Auer*

E Sonndeg, den 13. Abrëll 2025 um 17:00 Auer fënnt um Schlooss zu Veianen e Fréijoersconcert statt, organiséiert vun der Veiner Musik.

## *Concert zu Eesbech an der Kierch*
*Samschdeg, de 26. Abrëll 2025 um 19:00 Auer*

E Samschdeg, de 26. Abrëll 2025 um 19:00 Auer ass an der Kierch zu Eesbech e Concert ënnert der Direktioun vum Ronny Mergen, organiséiert vun de Feierowendsänger Colmer-Bierg.

## *Concert zu Tandel an der Sportshal (Campus am Brill)*
*Samschdeg, den 17. Mee 2025 um 19:30 Auer*

De 17. Mee 2025 um 19:30 Auer fënnt an der Sportshal zu Tandel e Concert vun der Baastenduerfer Musik mam Thema: **„Let's Dance"** statt, ënnert der Direktioun vum Maxim Volgin, mat engem Optrëtt vun de Schüler aus der Tandeler Grondschoul.

## *Fréijoersconcert zu Housen am Centre Culturel*
*Samschdeg, de 17. Mee 2025 um 20:00 Auer*

E Samschdeg, de 17. Mee 2025 um 20:00 Auer fënnt am Centre Culturel zu Housen e Fréijoersconcert vun der Houser Musek statt.

## *Firmung zu Veianen*
*Freideg, den 6. Juni 2025 um 19:00 Auer*

E Freideg, de 6. Juni 2025 um 19:00 Auer spend de Kardinol Jean-Claude Hollerich enger Rei vu Jugendlechen an Erwuessenen an der Trinitarierkierch d'Sakrament vun der Firmung. D'Mass steet ënnert dem Thema:

**„Des jeunes éclairés par le Christ".**

Duerno ass eng kleng Receptioun ënnert dem Sall vun der Sodalitéitskapell.

## *KonschTour zu Veianen op Päischten,*
*vum 7. – 9. Juni 2025*

Bei dësem 2-Deeg Multi-Art Event maache lokal Kënschtler hir Atelieren op. **Eidel Lokaler a private Raim gi fir 2 Deeg Konschtgalerië**.

## *Priisterwei a Primiz vum Diego de Lima*

Um Héichfest vun eiser Tréischterin, e Samsdeg, den 17. Mee 2025 um 09:30 Auer gëtt den Diego de Lima, deen vum leschte September un säi Stage als Diakon bei äis an der Par mécht an och nach duerno bei äis bleift, an der Kathedral vum Kardinol Jean-Claude Hollerich zum Priister geweit. Et wier schéin, wann eng Rei Leit aus eiser Par bei dëser Feier an der Stad kéinten dobäi sinn an hien mat hirem Gebiet giffen ënnerstëtzten.

E Samsdeg, den 14. Juni 2025 feiert hien och um 18:00 Auer eng Primizmass zu Veianen an der Trinitarierkierch, déi vun allen Choralen aus eiser Par zesumme gesonge gëtt, an zu der all Leit aus eiser grousser Par häerzlech invitéiert sinn. Duerno ass eng Receptioun am Foyer vun der Larei. Deen Dag drop, den 15 Juni 2025, feiert hien och um 10:30 Auer eng éischt offiziell Mass zu Housen.

Déi Leit, déi him bei dëser Geleeënheet wëllen e Cadeau maachen, kënnen en Don op säi Kont bei der **BGLLLULL** maachen, **IBAN LU 18 0030 5797 8146 0000**, mat der Mentioun: Priisterwei a Primiz vum De Lima Diego Reinaldo. Hien wunnt elo am Haus zu Furen, ass awer nach net laang hei a muss sech nach munches uschafen. Een häerzleche Merci all deenen, déi hien ënnerstëtzen.



## *Éischt Helleg Kommioun fir d'Kanner aus eiser Par*
*den 3. Mee 2025 an de 4. Mee 2025*

De Weekend vum 3. a 4. Mee 2025 feieren 36 Kanner aus eiser Par hir Éischt Kommioun an enger feierlecher Mass.

Datumer vun den Kommiounen sinn:

**Baastenduerf, den 3. Mee 2025**

**Housen, de 4. Mee 2025**

D'Danksagungsmass ass de 18. Mee 2025 um 10:30 zu Housen an der Kierch.

Dëst Joer steet d'Kommioun ënnert dem Thema

**„De Jesus: d'Brout vum Liewen"**

## *Éischtkommiounskanner 2025*

### Kommiounskanner vun Housen

| | | | |
|---|---|---|---|
| Augusto Liam | Housen | Mota Pecas Salvador Davi | Mierschent |
| Da Silva Ereira Lara | Wëller | Nothar Lina | Wuelessen |
| De Barros Alves Joe | Grooljen | Obry Jamie | Houschter-Déckt |
| De Barros Alves Julien | Grooljen | Obry Seraphina | Houschter-Déckt |
| Frisch Noémie | Holztem | Pereira Gomes Sam | Houschent |
| Goncalves Meireles Ruben | Housen | Pereira Nunes Rodrigo | Housen |
| Heiles Phillipe | Housen | Ribeiro Santos Yara | Eesbech |
| Koscik Kacper | Housen | Rischard Nikla | Holztem |
| Lozinska Natalia | Housen | Rodenbour Lena Marie | Housen |
| Lutgen Fränz | Näidsen | Teisen Steven | Houschent |
| Mateus Goncalves Dany | Housen | Thill Layla | Wëller |
| Medina Leite Taylor Rose | Eesbech | Wagner Julie | Housen |

## Kommiounskanner vu Baastenduerf

| | | | |
|---|---|---|---|
| Casais Paradela Maria Francisca | Veianen | Pinto Dean | Baastenduerf |
| Dias Mathis | Veianen | Resne Billie | Bëttel |
| Esteves Mara | Branebuerg | Resne Marty | Bëttel |
| Gaspar Ferreira Emma | Baastenduerf | Schmit Tun | Héischdrëf |
| Magalhaes Sousa Gonçalo | Veianen | Teixeira Goncalves Yara Beatriz | Branebuerg |
| Molitor Mia | Furen | Vaessen Aaby Scott | Longsdrëf |

# *Éischt Kommioun: D'Geschenk mat aneren deelen*

Den Dag vun der Éischter Kommioun ass eng gutt Geleeënheet fir net nëmmen u sech selwer ze denken, mee besonnesch un déi, deenen et net esou gutt geet.

Dëst Joer wëlle mir d'Elisabethstëftung fir de Foyer Ste Elisabeth/Esch a fir d'Kannerland/Lampertsbierg ënnerstëtzen. D'Kontosnummere fir den Don sinn:

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg

**Spuerkess: BCEE LU 58 0019 2355 0766 4000**
**Post Luxembourg: CCPL LU 64 1111 2507 5005 0000.**

Schreift w.e.g. als Mentioun de Numm vum Kand an d'Uertschaft, wou et seng Kommioun mécht, op d'Iwwerweisung.



Esch-sur-Alzette, Luxembourg, Pétange

### Nos centres d'accueil

Les centres d'accueil de Elisabeth sont spécialisées dans la prise en charge globale temporaire d'enfants en dehors de leur famille d'origine, généralement ordonnée par le Juge de la Jeunesse.

Une équipe multidisciplinaire veille 24h/24 à leur bien-être, éducation et développement, avec le soutien de spécialistes ambulatoires si nécessaire. Chaque enfant bénéficie d'un soutien éducatif adapté et d'un plan d'aide individuel guidant le travail quotidien des équipes.

L'objectif principal est de faciliter le retour dans la famille d'origine, en impliquant celle-ci dès le début selon ses capacités et sa volonté. Des soins thérapeutiques, socio-pédagogiques, psychologiques et médicaux sont également fournis.

# Gottesdéngschtuerdnung

## Die Heilige Woche – Karwoche – La Semaine Sainte

### Pällemsonndeg – Dimanche des Rameaux

*An alle Massen gëtt de Pällem geseent*

*Pällemprëssioun: Ev.: Lk 19,28-40*

*1. Lies.: Jes 50, 4-7; 2.Lies.: Phil 2, 6-11; Ev.: Lk 19, 28-40; Lk 22, 14 - 23, 56*

***Déi sëllege Jünger hunn sech gefreet an ugefaang,***
***den Herrgott wéinst all deene Wonner, déi si gesinn haten ze luewen.*** *(Lk 19,37)*

De Jesus huet säi ganz Liewen op der Äerd laang alles zu Eier vu sengem Papp am Himmel gemaach an hien erfëllt säi Wëlle bis zum Schluss. Dat hu seng Jünger verstanen a si luewen dofir den Herrgott fir alles, wat si mam Jesus erlieft hunn. Esou kann de Jesus als de Retter, deen am Numm vum Herrgott kënnt, feierlech an d'Stad Jerusalem anzéien. Vu do un verstommt dat Luef net méi. Dem Jesus eng Feinden kënnen et net ënnerdrécken. Et erklénġt bis haut an der Kierch virun an et begleet äis an dat himmlecht Jerusalem. Loosse mir an all Mass ëmmer nees frou an dëst feierlecht Luef vun de Jünger astëmmen an eise Wee mam Jesus duerch den Doud an dat neit an éiwegt Liewe goen.

**Samschdeg, 12.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Eesbech | 10:30 | **Daf** vum Lora Kesseler |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass<br>fir Marcel Serres an d'Familljen<br>Serres-Schmitz a Clees-Mangers |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass<br>fir Irma a Mathias Dondelinger-Elsen<br>a fir Ilma Dondelinger |
| Veianen -TK | 19:00 | Missa em Português |

**Sonndeg, 13.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer |
| Mierschent | 09:00 | Mass fir Leo Wolter-Karier<br>a fir d'Famill Schartz-Brückler |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg, 14.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass mat Seenung vum Pällem |

**Dënsdeg, 15.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass mat Seenung vum Pällem,<br>Mass fir Andrè a Jacky Schmit |

**Mëttwoch, 16.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Lëtzebuerg | 09:30 | Chrisamsmass *(Kathdral)* |

## Gréngdonneschdeg – Jeudi Saint

### Fest vum leschten Abendmahl – La cène du Seigneur

*1. Lies.: Ex 12, 1-8.11-14; 2.Lies. 1 Kor 11, 23-26:; Ev.: Joh 13, 1-15*

***« Verstitt dir, wat ech mat iech gemaach hunn ? »*** *(Joh 13,12)*

Mam schéine Geste, senge Jünger d'Féiss ze wäschen, faasst de Jesus dee leschten Owend vu sengem Liewen säin Déngscht un de Mënschen zesummen. Seng Jünger a besonnech de Péitrus, dinn sech schwéier domat, dëse Geste vun hirem Meeschter ze verstoen an unzehuelen. Si mussen ëmdenken a léieren, dat et drop ukënnt, sech respektvoll een virun deem anere kleng ze maachen an eneen ze hëllefen. Dann hunn si de Jesus wierklech verstanen a kënne seng Botschaft un hir Matmënschen viruginn. Da verstinn si och säi Geste vum Broutbriechen, mat deem hien sech äis schenkt, äis mateneen verbënnt an äis d'Kraaft gëtt, him op sengem Wee nozefollegen, wou een fir deen aneren mat Léift do ass.

**Donneschdeg, 17.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 18:00 | Mass vum leschten Abendmahl fir **Familljen** |
| Housen | 19:00 | Mass vum leschten Abendmahl |

## Karfreideg – Vendredi Saint

***Faaschten an Abstinenzdag – Jeûne et journée d'abstinence***

*1. Lies. Jes 52, 13 - 53, 12:; 2.Lies.: Hebr 4, 14-16; 5, 7-9; 5, 7-9;*
*Ev.: Joh 18,1-19,42*

***« Et ass alles erfëllt. »*** *(Joh 19,30)*

Dat sinn dem Jesus seng lescht Wierder an der Johannespassioun. De Jesus ass komm, fir sengem Papp säi Wëllen, äis duerch säin Doud um Kräiz dat éiwegt Liewen ze schenken, bis un d'Enn ze erfëllen. An der ganzer Passioun ass hien

déi Persoun, déi alles bestëmmt an an der Hand huet. Hien léisst sech festhuelen an trëtt fir seng Jünger an. Hien äntwert dem Hohepriester an dem Pilatus a gëtt hinnen ze verstoen, datt si vu sech aus keng Muecht iwwer hien hunn. Hien vertraut seng Mamm an de Jünger, mat deem hie frou ass, eneen un an da gëtt hien säi Liewen an d'Hänn vu sengem Papp zeréck fir et nei fir äis all ze kréien.

**Freideg, 18.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Houschent | 15:00 | **Kannerkräizwee** |
| Housen | 15:00 | Kräizwee |
| Veianen-SA | 15:00 | Kräizwee |
| Veianen-SB | 15:00 | Kräizwee |
| Baastenduerf | 18:00 | Karfreidegliturgie fir **Familljen** |
| Housen | 19:00 | Karfreidegliturgie |
| Veianen-TK | 19:00 | Karfreidegliturgie op franséich a portugisesch |

## Karsamschdeg – Samedi Saint

### Ouschternuecht – Veillée Pascale

*1. Lies: Gen 1,1-2,2; 2. Lies.: Ex 14,15-15,1; 3. Lies: Ez 36,16-28*;*
*4. Lies.: Röm 6, 3-11; Ev.: Lk 24, 1-12*

***« Firwat sicht dir dee Liewege bei deenen Doudegen ? »** (Lk 24,5)*

D'Frae wonnere sech, datt si dem Jesus säi Läif net méi am Graf fannen. Mee si sichen hien op der falscher Plaz. De Jesus hat hinne virausgesot, datt hien deen drëtten Dag nees giff operstoen. Si ginn vun deenen zwee Männer a glënnerege Kleeder drun erënnert. Et fällt hinnen an den Apostelen, deenen si hir Erfahrung beim eidele Graf erzielen, schwéier, drun ze gleewen, datt de Jesus lieft. Eréischt wann hien hinne perséinlech begéint an hinnen d'Schrëft erklärt ginn hinnen d'Aen op an si erkennen hien, deen bei hinne bleift a mat hinne geet an hinnen dann säi Geescht hannerléisst.

**Samschdeg, 19.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 19:00 | Ouschternuechtfeier fir **Familljen**,<br>Mass fir Nicolas Dedisch |
| Housen | 19:30 | Ouschternuechtfeier |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

# Ouschteren – Pâques

*1. Lies.: Apg 10, 34a.37-43; 2.Lies.: Kol 3, 1-4 8; Ev.: Joh 20, 1-9*

***« Ech hunn den Här gesinn ! »** (Joh 20,18)*

Déi perséinlech Begéinung mat dem operstanene Jesus ass wichteg fir den Ouschterglawen.

Am Johannesevangelium mécht d'Maria vu Magdala, déi mat hirem Numm beim Graf vun hirem Meeschter ugeschwat gëtt, als éischt dës Erfahrung a gëtt se dann mat senger Botschaft u seng Jünger virun. Duerno maachen um Ouschterowend och d'Jünger dës Erfahrung a ginn se un den Thomas virun, deen sech dann och selwer wëll dovun iwwerzeegen.

**Sonndeg, 20.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | **Ouschtermass**<br>Mass fir d'Familljen Reis-Frisch a Mauer-Reis,<br>Mass fir d'Famill Zanter-Heinen,<br>Mass fir Pierre, René a Estelle Rausch-Thill,<br>Mass als Stg. fir Anna Kalbusch |
| Houschent | 10:30 | **Ouschtermass**<br>Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Veianen-TK | 10:30 | **Ouschtermass**<br>Mass fir Tilly a Leo Eydt-Hübsch,<br>Mass fir Katharina, Aubin, Anna, Friedrich<br>a Klara Heintzen |
| Housen | 10:30 | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Samyra a Lucyano Kruizinga Pereira |

# Ouschterméindeg – Lundi de Pâques

*1. Lies.: Apg 2, 14.22-33; 2.Lies.: 1 Kor 15, 1-8.11; Ev.: Lk 24, 13-35*

***« Huet net eist Häerz gebrannt, wéi hien ënnerwee mat äis geschwat huet a wéi hien äis d'Schrëft duergeluecht huet. »** (Lk 24,32)*

Eisen operstanenen Här Jesus léisst äis an de Schwieregkeeten an Entäuschunge vum Liewen net eleng. Hien kënnt, héiansdo verbuergen an onerkannt, bäi äis a geet mat äis, fir äis de Sënn vun allem ze erklären. Da kënnt an äis eng nei Hoffnung op a mir hu Courage, eise Pilgerwee zesummen virun ze goen. Mee hien ass besonnech bei äis, wa mir a sengem Numm zesumme sinn, fir op säi

Wuert ze lauschteren an säi Liewensbrout mateneen ze briechen. Dann erfëllt hien eist Häerz mat dem Feier vun der Léift zum Härgott an zu eise Matmënschen. Dann ass kee méi eleng an onverstanen. Eng echt Gemeinschaft gëtt méiglech, déi sech virun allem an Deelen an am Verzeie weist.

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg 21.04.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | **Ouschtermass** |
| Wuelessen | 10:30 | **Ouschtermass** |
| **Dënsdeg, 22.04.2025** | | **Ouschteroktav** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 23.04.2025** | | **Ouschteroktav** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 24.04.2025** | | **Ouschteroktav** |
| | | *Keng Mass* |
| **Freideg, 25.04.2025** | | **Ouschteroktav** |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 2. Sonndeg vun der Ouschterzäit – C

### „Quasimodo“

### Oktavdag vun Ouschteren

### « Wäissen Sonndeg »

***Sonndeg vun der göttlechen Baarmhäerzegkeet***

***Kiermes zu Longsdrëf***

*1. Lies.: Apg 5, 12-16; 2.Lies.: Offb 1, 9-11a.12-13.17-19 ; Ev.: Joh 20, 19-31*

***« Glécklech sinn déi, déi net gesinn an trotzdem gleewen »*** *(Joh 20,29)*

Dem Thomas seng Reaktioun op d’Ouschtererfahrung vun deenen anere Jünger weist äis, wéi schwéier et ass, ze gleewen, ouni deen operstanene Jesus selwer gesinn ze hunn. De Jesus weess dat och an dofir nennt hien déi glécklech, déi gleewe kënnen, ouni hien gesinn ze hunn. Mir sinn op dat Zeegnes ugewisen, dat déi éischt Zeien vum Jesus senger Operstéiung äis ginn hunn a fir dat si hirt Liewen agesat hunn. Mee mir sinn och dozou opgeruff, haut an der Kierch an an der Welt no Zeechen vu senger Presenz a vun sengem Wierken ze sichen an eis Matmënschen drop opmierksam ze maachen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 26.04.2025** | | |
| Hosingen | 10:30 | **Daf** vum Yanik Carvalho dos Reis |
| Longsdrëf | 18:00 | **Kiermesmass,**<br>Mass fir Jean-Pierre Theis,<br>Mass als Joermass<br>fir Emile an Thérèse Theis-Kellen |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass als Stg. fir Hubert Fonck |
| **Sonndeg, 27.04.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass |
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass<br>als 6. Wochemass fir Erna Bildgen-Toussin,<br>Mass fir d'Familljen Oberlinkels-Kayser<br>a Berscheid-Oberlinkels |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Famill Junker-Bauer |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht**<br>*(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)* |
| **Méindeg, 28.04.2025** | | **Heilger Ludwig Maria Grignion de Montfort,**<br>*Priester, Volksmissionar, Ordensstifter (+ 1716)*<br>**Heiliger Peter Chanel,**<br>*Priester, Märtyrer (+ 1841)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 29.04.2025** | | **Heilige Katharina von Sienna,**<br>*Ordensfrau, Kirchenlehrerin,*<br>*Schutzpatronin Europas (+ 1380)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 30.04.2025** | | **Heiliger Pius V.,** *Papst (+ 1572)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen |
| **Donneschdeg, 01.05.2025** | | **Heiliger Josef,** *der Arbeiter* |
| Veianen-TK | 10:30 | **Daf** vum Giovana Coelho da Rocha |

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 02.05.2025** | | **Heiliger Athanasius,** *Bischof von Alexandrien, Kirchenlehrer (+ 373)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 3. Sonndeg vun der Ouschterzäit – C

### Feierlech Éischtkommioun zu Baastenduerf an Housen

*1. Lies.: Apg 5, 27b-32.40b-41; 2.Lies.: Offb 5, 11-14 Ev.: Joh 21, 1-19*

***Dee Jünger, mat deem de Jesus frou war,***
***sot zum Péitrus : « Et ass den Här »*** *(Joh 21,7)*

Dee Jünger, mat deem de Jesus frou war, huet e besonnecht Gespier fir dem Jesus seng Presenz a säi Wierken. Hien erkennt als éischt d'Bedeitung vum Zeechen vum räiche Fëschfang, dat de Jesus hinne gëtt a mécht de Péitrus drop opmierksam. Loosse mir äis och der Léift vum Jesus fir äis bewosst sinn an äis méi ginn, hie gär ze hunn. Da gi mir och sensibel fir déi Zeechen vu sengem Liewen, déi hien äis haut gëtt a mir kënnen déi aner Mënschen dorop opmierksam maachen. De Jesus freet och herno de Péitrus virun allem no senger Léift, fir him als Hiert seng Kierch unzevertrauen. Loosse mir äis vun him u säin Dësch invitéieren a stäerken, fir datt mir am Glawen, an der Hoffnung an an der Léift wuessen an eis Aufgab an der Welt a senger Nofolleg kënnen erfëllen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 03.05.2025** | | **Heilger Philippus und Heiliger Jakobus,** *Apostel* |
| Baastenduerf | 09:45 | *Rendez-vous beim Pompjeesbau* |
| | 10:00 | *Départ vum Cortège* |
| | 10:15 | **Feierlech Kommiounsmass** |
| Bëttel | 11:00 | **Daf** vum Lea Pauline Gleis |
| **Sonndeg, 04.05.2025** | | |
| Housen | 09:30 | *Rendez-vous am ale Schoulhaff* |
| | 09:45 | *Départ vum Cortège* |
| | 10:00 | **Feierlech Kommiounsmass** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** *(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)* |
| Housen | 11:45 | **Daf** vum Diana Adriano Muller *(Kapell)* |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 05.05.2025** | | **Heiliger Godehard,**<br>*Bischof von Hildesheim (+ 1038)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 06.05.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Jaques a Marianne Clees-Marnach |
| **Mëttwoch, 07.05.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir déi kriibskrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg 08.05.2025** | | **Selige Clara Fey,**<br>*Kongreationsgründerin ( + 1894)*<br>*Keng Mass* |
| **Freideg, 09.05.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 4. Sonndeg no der Ouschterzäit – C

***Ufank vun der Muttergottesoktav***

***Kiermes zu Mierschent***

*Kollekte: «Für die Pastoral der kirchlichen Berufe».*

*1. Lies.: Apg 13, 14.43b-52; 2.Lies.: Offb 7, 9.14b-17; Ev.: Joh 10, 27-30*

***« Ech ginn hinnen éiwegt Liewen. An all Eiwegkeet ginn se net verluer, an et hëlt kee mir se aus der Hand.»*** *(Joh 10,28)*

De Jesus betount ëmmer nees a senge Rieden, datt hien komm ass, fir äis all dat éiwegt Liewen ze schenken an datt dat de Wëlle vu sengem Papp am Himmel ass. Mir kënne roueg op hien lauschteren an him nogoen. Hien beschützt äis an hält seng Hand iwwer äis. Mat esou engem gudden Hiert, deen äis kennt a gär huet, an deen de Papp am Himmel äis ginn huet, kënne mir ni verluer goen

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 10.05.2025** | | **Heiliger Johannes von Ávila,**<br>*Priester und Kirchenlehrer (+ 1569)* |
| Veianen-TK | 10:30 | **Daf** vum Oskar Winandy |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass fir d'Famill Theves-Jacoby |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |
| Veianen -TK | 19:00 | Missa em Português |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 11.05.2025** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Mierschent | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass zu Éieren vun der Tréischterin am Leed,<br>Mass fir d'Famill<br>Fons a Mariechen Meier-Thielen |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |
| **Méindeg, 12.05.2025** | | **Heiliger Nereus und heiliger Achilleus,**<br>*Märtyrer (+ 304)*<br>**Heiliger Pankratius,** *Märtyrer (um 304)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Veianen | 19:30 | **Liichterprëssesioun** mat Rousekranz a Gesank zu Éieren vun der Muttergottes vu Fatima mat der portugisischer Gemeinschaft *(Schlooss/Bildgen)* |
| **Dënsdeg, 13.05.2025** | | **Gedenktag Unserer Lieben Frau von Fatima** |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Veianen-SB | 15:00 | Oktavandacht |
| **Mëttwoch, 14.05.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass |
| **Donneschdeg, 15.05.2025** | | |
| Longsdref | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 16.05.2025** | | **Heiliger Johannes Nepomuk,**<br>*Priester, Märtyrer (+ 1393)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

# 5. Sonndeg vun der Ouschterzäit – C

***Kiermes zu Holztem an Duerscht***

*1. Lies.: Apg 14, 21b-27; 2.Lies.: Offb 21, 1-5a; Ev.: Joh 13, 31-33a.34-35*

***« Esou wéi ech iech gär hunn, esou sollt och dir een deen anere gär hunn »*** *(Joh 13,34)*

Dem Jesus ass et säi ganzt Liewe laang ëm d'Léift vum Herrgott gaang, déi hien äis virugeschenkt huet. Een deen anere gär hunn, dat gëtt hien äis dofir och als Programm oder neit Gebot mat op de Wee. Ob mir wierklech seng Jünger sinn oder net, dat weist sech dorunner, wéi mir mat eneen ëmginn. Et ass eng ganz exigent Léift, déi um Jesus senger Léift selwer Mooss hëllt. Hien hat äis esou gär, datt hien säi Liewe fir äis higinn huet, Si soll fir d'éischt ënnert all deenen, déi un de Jesus gleewen, gelieft ginn a si mateneen verbannen. Si wuerzelt am Jesus senger Léift fir all d'Mënschen a si weist op hien hin, deen als den Operstanenen virun an hinnen um Wierk ass. Si ass d'Zeechen an d'Erfëllung vum neien an éiwege Bond tëschent dem Herrgott an äis Mënschen

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 17.05.2025** | | **Maria, Trösterin der Betrübten,**<br>*Patronin des Luxemburger Landes* |
| Lëtzebuerg | 09:30 | **Diakon- a Priesterweihe** *(Kathdral)* |
| Eesbech | 18:00 | Virowendmass |
| Holztem | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung*,<br>Mass als 10. Joermass fir Jos Wagener |
| **Sonndeg, 18.05.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Famill Jean-Paul Brücher-Peffer an d'Famille Nic Karier-Mossong,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis |
| Duerscht | 09:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Housen | 10:30 | **Danksagungsmass fir eis Kommiounskanner** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Katharina, Aubin, Anna, Friedrich a Klara Heintzen |
| **Méindeg 19.05.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdeg, 20.05.2025** | | **Heiliger Bernhardin von Siena,**<br>*Ordenspriester, Volksprediger (+ 1444)* |
| Lëtzebuerg | 11:15 | **Pilgermass** fir d'Poaren<br>Parc Our, Uewersauer a Woltz *(Kathedral)* |
| **Mëttwoch, 21.05.2025** | | **Heiliger Christopherus Magallanes,**<br>*Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1927)*<br>**Heiliger Hermann Josef,**<br>*Ordenspriester, Mystiker (+ 1241)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir alkohol- an drogenkrank<br>Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 22.05.2025** | | **Heilige Rita von Cascia,**<br>*Ordensfrau (+ 1447)*<br>*Keng Mass* |
| **Freideg, 23.05.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 6. Sonndeg vun der Ouschterzäit – C

***Ënn vun der Muttergottesoktav***

*1. Lies.: Apg 15, 1-2.22-29; 2.Lies.: Offb 21, 10-14.22-23; Ev.: Joh 14, 23-29*

***« Ech gi fort, ma ech kommen nees zeréck bei iech. »*** *(Joh 14,28)*

De Jesus léisst äis net eleng an dëser geféierlecher Welt zeréck. Säi Papp schéckt äis a sengem Numm e Bäistand, deen bei äis bleift an äis u seng Wierder erënnert. Esou kënne mir hien gär hunn an äis u seng Wierder halen. Doduerch bleiwe mir mat him a mat sengem Papp verbonnen. Si huelen äis d'Onrou an d'Angscht a schenken äis deen ënnere Fridden, deen d'Welt äis net ka ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 24.05.2025** | | **Weihe der Basilika**<br>**des Heiligen Franziskus in Asisi** |
| Veianen-TK | 11:00 | **Daf** vum Liv Klasen |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass<br>fir d'Familljen Zenner-Bieren a Wahl-Zenner,<br>Mass als Stg. fir Hubert Fonck |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 25.05.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Zanter-Clees,<br>Mass fir Emma a Norbert Heinen-Nosbusch,<br>Lily Liefgen-Heinen an Charlotte<br>a Fernand Heinen-Wagener |
| Houschent | 09:15 | Mass als Joermass fir Clemi a Marie Kaes-Jans<br>a Mass fir Marcel a Anna Wagener-Richartz an<br>Ady a Josette Odem-Konen,<br>Mass als Joermass<br>fir Yvonne Schmitgen a Theo Gales |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Metty Liefgen a Famill |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Gioia Panaro |
| Housen | 12:15 | **Daf** vu Mya Oliveira Marques,<br>**Daf** vum Ilyas Oliveira Ferreira |
| **Méindeg, 26.05.2025** | | **Heiliger Philipp Neri,**<br>*Priester, Gründer des Oratoriums (+ 1595)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 27.05.2025** | | **Heiliger Augustinus,** *Bischof von Canterbury, Glaubensbote in England (+ 605)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

16. Mee 2025/ parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Por-Bréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| 04/2025 | 07.06.2025 – 13.07.2025 | 16.05.2025 |
| 05/2025 | 12.07.2025 – 14.09.2025 | 25.06.2025 |
| 06/2025 | 13.09.2025 – 26.10.2025 | 27.08.2025 |
| 07/2025 | 25.10.2025 – 30.11.2025 | 08.10.2025 |
| 08/2025 | 29.11.2025 – 18.01.2026 | 14.11.2025 |

**Mëttwoch, 28.05.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass |

## Christi Himmelfahrt – Ascension du Seigneur – C

*1. Lies.: Apg 1, 1-11; 2.Lies.: Eph 1, 17-23; 10, 19-23; Ev.: Lk 24, 46-53*

***Iwwerdeems hien si geseent huet,***
***ass hien eropgefouert ginn an den Himmel** (Lk 24,51)*

De Jesus seent seng Jünger fir hir Missioun, Zeie vun der Erléisung ze sinn, déi hien äis erwierkt huet, wéi hien an den Himmel eropgefouert gëtt. Hien begleet si mat sengem Seegen op all hire Weeër. Dofir sinn si net trauereg mee voller Freed a luewen den Herrgott. Si waarden elo voller Hoffnung op déi Kraaft vun uewen, déi de Papp am Himmel hinne versprach huet an déi de Jesus hinne schéckt.

**Donneschdeg 29.05.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Laaschent | 09:00 | Mass fir Louis a Henriette Storn-Lanners,<br>Mass fir Margo a Jean-Pierre Weiler-Mathay |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen | 10:30 | Mass |

**Freideg, 30.05.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 7. Sonndeg vun der Ouschterzäit – C

***Kiermes zu Baastenduerf, Roudersen a Boukels***

*Kollekte: «Für die Kathedral- und Wallfahrtskirche».*

*1. Lies. Apg 7, 55-60:; 2.Lies. Offb 22, 12-14.16-17.20:; Ev.: Joh 17, 20-26*

***« Ech hunn hinnen däin Numm bekannt gemaach,***
***an ech maachen e weiderhi bekannt, fir datt déi Léift, déi s du fir mech hues,***
***an hinnen ass a fir datt och ech an hinne sinn. »** (Joh 17,26)*

Zum Schluss vu sengem leschte Gebiet versprécht de Jesus äis, mat senger Léift an äis ze bleiwen an virun an äis an duerch äis an der Welt ze wierken. Dat soll sech besonnech an der Eenheet vun all deenen, déi un hie gleewen, weisen an un hirer Léift vir eneen, an der sech dem Herrgott seng Léift weist. De Jesus wëllt awer och, datt mir emol fir ëmmer bei him a sengem Papp sengem Räich sinn a seng Herrlechkeet gesinn an dorunner Undeel hunn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 31.05.2025** | | |
| Branebuerg | 11:00 | **Daf** vum Ayden Villaverde Mota |
| Boukels | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| **Sonndeg, 01.06.2025** | | |
| Roudersen | 09:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun der Famill Schmitz-Geisen-Mathieu,<br>Mass als Stg. fir R.D. R. Leiber, Jose Leiber an d'Famill Leiber-Doener |
| Mierschent | 09:00 | Mass op Meenung,<br>Mass fir Hubert Junker a fir d'Familljen Junker-Gils a Heischbourg-Nosbusch |
| Baastenduerf | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Ernest Fromes,<br>Mely a Pierre Kergen-Schmartz<br>a fir Joséphine a Adolphe Fromes-Tibesar,<br>Mass fir Jean a Catherine Miller-Wolff<br>a fir Jean-Pierre Miller |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Furen | 12:00 | **Daf** vum Noa Pereira |
| **Méindeg, 02.06.2025** | | **Heiliger Marcellinus und heiliger Petrus,**<br>*Märtyrer in Rom (+ 303)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 03.06.2025** | | **Heiliger Karl Lwanga und Gefährten,**<br>*Märtyrer in Uganda (+ 1886)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 04.06.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass<br>fir Mënsche mat Depressiounen<br>an anere psychesche Krankheeten |

**Donneschdeg 05.06.2025 Heiliger Bonifatius,** *Bischof, Glaubensbote in Deutschland, Märtyrer (+ 754)*

Longsdref 19:00 Mass fir Hélène Bormann-Faust

**Freideg, 06.06.2025 Heiliger Norbert von Xanten,** *Ordensgründer, Bischof von Magdeburg (+ 1134)*

Veianen-TK 19:00 **Firmungsmass**

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## Päischten – Pentecôte – C

*1. Lies.: Apg 2, 1-11; 2.Lies.: Röm 8, 22-27; Ev.: Joh 7, 37-39*

***« Ech froen de Papp, an hien gëtt iech en anere Bäistand, fir datt deen an all Eiwegkeet bei iech ass. »*** *(Joh 14,16)*

Dem Jesus seng Missioun bei senge Jünger op der Welt ass mat sengen Abschiedsrieden, mat sengem Doud um Kräiz, mat senger Operstéiung an Himmelfahrt zu Enn. Den Hellege Geescht, deen säi Papp äis a sengem Numm schéckt, iwwerhëllt an der Zäit vun der Kierch op eng gewëss Manéier seng Roll. Hien hëlleft äis, dat ze verdéiwen, besser ze verstoen an ze aktualisieren, wat de Jesus gemaach, gesot a geléiert huet an et net ze vergiessen. Hien hëlleft äis, de Jesus virun gär ze hunn a no sengem Wuert ze liewen. Esou bleiwe mir mam Jesus a mat sengem Papp an eisem Häerz verbonnen.

**Samschdeg, 07.06.2025**

Baastenduerf 18:00 **Familljemass**

**Sonndeg, 08.06.2025**

Stolzebuerg 09:00 Mass

Houschent 09:15 Mass

Housen 10:30 Mass

*zur selwechter Zäit:* **Kannerwuertgottesdéngscht**

Veianen-TK 10:30 Houmass

*zur selwechter Zäit:* **Kannerwuertgottdéngscht** *(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)*

**Méindeg, 09.06.2025 Maria,** *Mutter der Kirche*

Eesbech 10:00 Mass

Veianen-SA 10:15 Mass

**Dënsdeg, 10.06.2025**

| | |
|---|---|
| | *Keng Mass* |
| Iechternach | **Sprangprëssessioun** |

## Kontakt: parc-our@cathol.lu


**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carlos-romario.arnold@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

**Diego De LIma** – *Diakon*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu


Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***


***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu


| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |



## *Massbestellungen*

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Bazar vuan de Fraen a Mamme Veinen

## Pëllemsonndig ,den 13. Abrëll
## am Centre Culturel Larei

**Vuan 11,30 uan Service vuam Apéritif**

Menu

Consommé mimosa

Bouchée à la Reine ou

Assiette de jambon cru et cuit 40€

Quiche végétarienne 35 €

Frites et salade

Pannacotta au coulis rouge

Kanner 4-12 Joor 20 €


**Kaffisstuff**

**Schinn Tombola**

**Usterarrangementer**

**Uameldungen wgl. bis de 7. Abrëll telefonisch op 691 849398 udder 661 801717 an duerch Iwerweisung BCEE LU 650019 4900 0215 6000**

**den Erlis ass fir d'Wonschkutsch a fir Memo Sénégal ,mon école ,mon avenir**



d'Feierowendsänger
Colmer-Bierg

Wuelesser
Sängerfrënn

# Missa 4 You(th)

♪

# We Are the Voices

## Feierleche Gottesdéngscht
## mat uschléissendem weltleche Concert

Missa 4 You(th) vum Tjark Baumann
a Wierker vun John Farnham, Eric Clapton, John Lennon,
Michael Jackson a Lionel Richie.

## Samsdeg, de 26. Abrëll 2025
## an der Kierch zu Eesbech
## um 19:00 Auer

## d'Feierowendsänger Colmer-Bierg

Direktioun: Ronny Mergen

Piano an Uergel: Daniel Mujzer

Nom Concert gëtt eng Quête gemaach, fir d'Onkäschten ze decken.

D'Harmonie Municipale Housen
invitéiert op hire
Fréijorsconcert

# 4 Elementer am Takt

ënnert der Direktioun vum
Marcel Richards



**Samsdes, de 17. Mee 2025**
**um 20:00 Auer**
**am Centre Culturel zu Housen**

# Baastenduerfer Musik

# Concert




## Samsdes, de 17. Mee

**Um 19.30 Auer**
Campus am Brill (Sportshal)
**TANDEL**

**Entrée: 10 €**

Reservatioun méiglich:
Tel: **691 835 377**
jomiller@pt.lu

**Direktioun:**
**Maxim Volgin**

**Optrëtt vun de Schüler aus der Tandeler Grondschoul**

**mat derbäi Dänzerinnen an Dänzer vun**

DANCE-ATMOSPHERE
WWW.DANCE-ATMOSPHERE.LU






# 57e pèlerinage
# FATIMA - WILTZ

## 28 - 29 MAI 2025

**<u>MERCREDI 28 mai</u>**

***Église de Niederwiltz***

20h00 Rosaire intercommunautaire
diffusé par Radio Latina

**<u>JEUDI 29 mai</u>**

***Église de Niederwiltz***

9h00 Confessions
10h00 Rosaire intercommunautaire
10h00 - 12h30 Activités pour les enfants
10h45 Bénédiction des pèlerins venus à pied
11h30 Rosaire intercommunautaire
13h30 Catéchèse suivie du départ de la procession

***Sanctuaire „op Bäessent"***

15h30 Messe
16h30 Procession vers l'église de Niederwiltz
avec consécration et cérémonie d'adieu

IUBILAEUM A. D. MMXXV PEREGRINANTES IN SPEM

400 ANS OCTAVE LUXEMBOURG

KATHOULESCH KIERCH ZU LËTZEBUERG

PAROISSE WILTZ STS PIERRE-ET-PAUL

Wiltz Capitale des Ardennes